# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Enrôlés de Force



**Bei der offizieller Feier virun der éiweger Flam um Kanounenhiwwel, an der Mëtt de Chamberpresident Lucien Weiler**

## 25. September 2006

5 2006
ovembre
46e année

Mit Glockengeläut und Sirenen

# Wiltz erinnerte an den Streik vor 64 Jahren

## Gedenkfeiern bei der ehemaligen Lederfabrik und am Streikdenkmal



Ein Gedenkgottesdienst in der Dekanatskirche in Niederwiltz sollte den Auftakt geben für diese Erinnerungsfeier. Regionaldechant Martin Molitor unterstrich in seiner Homelie den Mut der Initiatoren, die sich nicht, mir nichts, dir nichts, dem Diktat des Okkupanten unterordnen wollten. Der Streik begann in Wiltz, und der Funke sprang schnell bis zum Süden des Landes über.

Beim Gedenkstein am Portal der ehemaligen IDEAL-Lederfabrik, in der damals der Streik seinen Anfang nahm, legten die Stadt Wiltz , die Gewerkschaften sowie die in Wiltz ansässigen Industrien Blumen nieder.

Danach versammelte man sich am Streikdenkmal. Hier erinnerte André Biver in eindrucksvoller Weise an die damaligen Geschehnisse. Der 31. August 1942 begann wie jeder andere Wochentag, strahlende Sonne verhieß einen herrlichen Sommertag. Doch sollte sich an diesem Tag in Wiltz und dem ganzen Luxemburger Land vieles verändern.

Die Arbeiter fanden sich am Arbeitsplatz vor der Lederfabrik ein, die Lehrer vor der Schule, die Geschäftsleute eilten zu ihren Geschäften. Doch eine beklemmende Stille lag über der Stadt, 710 Arbeiter und Beamte der Lederfabrik verweigerten ihre Arbeit, das Lehrpersonal den Unterricht, die Geschäftstüren blieben geschlossen und mit einem Schweigemarsch durch die Straßen der Ardennenstadt wurde der Streik noch zusätzlich unterstrichen, der Generalstreik war komplett.

Damit wollen die Wiltzer und mit ihnen alle Luxemburger bekunden, dass sie sich dem Naziregime widersetzen würden. Die Folgen waren verheerend. Sechs Streikende aus Wiltz wurden sofort erschossen, 21 hingerichtet. 43 Wiltzer Bürger wurden deportiert, 91 umgesiedelt, 67 mussten ins KZ, 164 junge Menschen wurden zur Wehrmacht einberufen, 42 Gefallene wurden gezählt und 15 sind bis heute vermisst.

Diese furchtbaren Ereignisse dürften auch nach 64 Jahren niemandem gleichgültig sein, so André Biver, und die Stadt Wiltz würde niemals die Opfer von damals vergessen. Nach der „Sonnerie aux morts", vorgetragen von Romain und Albert Crochet, wurden Blumen von allen patriotischen Vereinigungen am Streikdenkmal niedergelegt. Für den Zentralvorstand der Enrôlés de Force, und das Comité-directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé waren es Madame Arlette De Boucry-Lommel, Enkelin von Célestin Lommel, damals Lehrer zu Wiltz, und Norbert Melcher vom Zentralvorstand.

Albert Hansen, Präsident der CDSR, versprach im Namen aller patriotischen Vereinigungen und Gruppierungen, die Erinnerung an die schrecklichen Ereignisse von damals aufrechtzuerhalten. Er unterstrich den Zusammenhalt der Familien in dieser schweren Zeit und stellte die Frage, ob heute noch jemand den Mut fände, einem unerbittlichen Feind die Stirn in dem Maße zu bieten.

(NM)



Sonndeg, 24. September, leschte Sonndeg am Mount September

# „Net vergiessen..."

## Commemoratiounsdag 2006 vun den „Enrôlés de force"

**E Sonndeg, de 24. September, war et erëm eng Kéier esou wäit. Fir d'61. Kéier hunn den „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé", d'Federatioun vun den „Enrôlés de force", d'Associatioun vun den „Survivants des enrôlés de force", d'„Amicale des anciens de Tambow" an d'Amicallen an d'Sectioune vun den „Enrôlés de force" op de Commemoratiounsdag vun den Zwangsrekrutéierten invitéiert.**

Mat Blummennéierleeunge beim Nationale Memorial vun der Deportatioun op der Gare zu Hollerech, beim Monument vun den Eisebunner an der Gare zu Lëtzebuerg, enger Commemoratiounsmass an der Kathedral an enger Zeremonie um Kanounenhiwwel vun deene sëllechen Affer vun Zwangsrekrutéierung, Haass a Gewalt geduecht ginn.

Si waren all do vun hire respektiven Organisatiounen, haten sech afonnt, fir hire Komerodinnen a Komeroden aus schwéierer Zäit ze gedenken. Punkt 15 Auer huet de Clairon d'honneur Edmond Faber beim Nationale Memorial vun der Deportatioun op der Gare zu Hollerech a Presenz vun den „porte-drapeaux" d'„Sonnerie aux morts" geblosen. Zur gläicher Zäit sinn do och Blummen deponéiert ginn. Um 15.30 Auer war et dunn an der Gare vu Lëtzebuerg, wou beim Monument vun den Eisebunner un d'Affer vun Zwangsrekrutéierung a Krich geduecht ginn ass. Och do huet de Clairon d'honneur Edmond Faber dës stëll Gedenkfeier verschéinert.

Um 16.15 Auer ass dëst Joer fir d'éischt an der Kathedral d'Commemoratiounsmass, zelebréiert vun de geeschtleche Komeroden André Heiderscheid, Georges Gevigné, Michel Behm a Joseph Morn, gefeiert ginn. Verschéinert ass se ginn duerch d'Garnisounsmusek Dikrech, duerch d'Chorale Ste-Cécile Éiter-Schrasseg souwéi vun de Komerode vun der „Chorale des enrôlés de force" ënner der Leedung vum Oscar Leonardy. Op der Uergel vun der Kathedral huet den Nico Klein si begleet.

„Net vergiessen ...", ënner dat Motto huet de Chanoine André Heiderscheid de Kär vu senger Priedegt gestallt. „Net vergiessen ...", dat wier de Sënn an den Zweck vum Commemoratiounsdag vun den „Enrôlés de force" och nach 61 Joer dono, sot den Abbé Heiderscheid. Verzeie kéint een, mee net vergiessen, an dofir misste mir all wéi gebrannte Kanner op der Hutt sinn a wuechsam sinn, fir datt dat, wat viru méi wéi 60 Joer geschitt ass, sech ni méi widderhëlt.

Den André Heiderscheid huet un déi ronn 3 000 Komeroden an 58 Komerodinnen erënnert, deenen hir Jugend vun de Preise gestuel gouf. An hien huet gesot, datt et eis onëmgänglech Flicht ass, deene Wäerter an Idealer trei ze bleiwen, fir déi esou vill Lëtzebuerger an den Doud gaange sinn.

### *„Heem, heem, heem"*

„Heem, heem, heem" huet et dono geheescht, wéi de Gesank dat Lidd



*Vertrieder aus Politik a Gesellschaft haten sech um Kanounenhiwwel virum Monument vun der Nationaler Solidaritéit afonnt.* Photo: Marc Wilwert

„Heemwéi" no der Weis vun „Home sweet home" an de Wierder vum Michel Lentz ugestëmmt huet. „Heem, heem, heem, a mäi Land, mäin Dram, a mäin Himmel an d'Lëtzebuerger Land". „Nu looss et an dir stëll ginn" vum Jos Kinzé war en anert beweegend Lidd, dat de Gesank virgedroen huet, datt engem bal d'Schudderen de Réck erofgelaf sinn.

Mat der Europahymn, gespillt vun der Garnisounsmusek Dikrech, huet d'Madame Marianne Thommes folgend Wierder un d'Komerode mat hire Famillje geriicht:

*Léif Éiregäscht,*
*Léif Enrôlés de force,*

*wéi all Kéier, esou och dës Kéier, hunn ech mech mat engem gewëssen Häerzklappen drop virbereet, fir hei zu lech ze schwätzen. Ech froe mech ëmmer erëm, wéi mir, d'Generatiounen, déi no lech kommen an déi di onbezuelbar Chance haten, an enger Zäit vu Fridde gebuer a grouss ginn ze sinn, jee dat schrecklecht Verbriechen, dat un Ärer Generatioun geschitt ass, kënne verstoen an nofillen.*

*Mir kenne wuel déi geschichtlech Donnéeën, esou wäit wéi se haut erfuerscht sinn. Mir wëssen ëm d'Verbriechen, dat deemools un eisem fräien a souveräne Land a ganz besonnesch un Ärer Generatioun geschitt ass. A schonn eleng, wa mer d'Zuele liese, vun all deenen, déi op déi eng oder déi aner grausam Aart a Weis un der Front, an de Kazetter, an der Gefaangeschaft ëmkomm sinn, verwonnt gi sinn oder och vun deenen, déi – wann se d'Chance haten erëm heemzekommen – fir d'Liewe gezeechent waren; schonn eleng, wann een déi Zuele liest, feelen engem tatsächlech d'Wierder, fir driwwer ze schwätzen.*

*Jo, grad duerfir, well een ëmmer erëm d'Gefill huet, datt een dat Schrecklecht, wat geschitt ass, nit a Wierder ka faassen, a scho guer nit virun deenen, déi et selwer erlieft hunn, an an hirem Numm, grad duerfir fält et mir schwéier, déi richteg Wierder ze fannen.*

*Da kann een sech eigentlech nëmme mat déiwem Respekt, zesumme mat lech, op deene Plaze versammelen, wou Dir lech regelméisseg an deene vergaangene 60 Joer erënnert hutt un d'Verbrieche vum Naziterror an un Är Komeroden, deenen Dir héich an helleg versprach hutt, si ni ze vergiessen.*

*Dëst Joer maache mer dat elo fir d'éischt hei an der Kathedral. Dat huet sécher praktesch Ursaachen, well mer festgestallt hunn, datt et fir verschiddener vun lech ëmmer méi schwéier gëtt, de Wee vun der Herz-Jesu-Kierch op de Kanounenhiwwel ze maachen. Dunn hu mir äis gesot, datt mer eigentlech keng aner Plaz konnte wielen, wéi d'Kathedral.*

*Déi aner Joren hu mir äis op dësem Dag ëmmer an der Herz-Jesu-Kierch fir eng gemeinsam Mass zesummefonnt a sinn dann op de Kanounenhiwwel gaang. Duerfir wëll ech haut un éischter Stell der Garer Por an hirem Paschtouer Merci soen, datt si äis während esou laange Joren hir Kierch zur Verfügung gestallt hunn. An zur gläicher Zäit, wëll ech och dem Här Paschtouer aus der Kathedral Merci soe fir dee léiwen Accueil, dee mer direkt hei fonnt hunn.*

*Hei si mer, an engem gewësse Sënn, am Häerz vun der Natioun: Mir stinn hei virun der Tréischterin vu Stad a Land, nit wäit vun hei steet d'Denkmal fir d'Grande-Duchesse Charlotte an op e puer Schréck d'Monument vun der nationaler Solidaritéit.*

*Wéi déif war ech dacks geréiert, wann ech héieren hunn, datt vill vun lech nieft dem Bild vun hirer eegener Mamm och e Rousekranz oder e Bild vun der Tréischterin vu Lëtzebuerg an der Täsch haten. An deenen däischtere Stonnen hutt Dir Trouscht an Hoffnung gebraucht, déi vläicht keen anere wéi si lech konnt ginn. Dir eleng wësst ëm d'Gedanken, d'Angscht an d'Baangen an och ëm d'Froen, déi Dir hir uvertraut hutt, an ëm d'Hoffnung, déi Dir op si gesat hutt. Wann ech mer da virstellen, wat jidder Eenzele vun lech hei an an der Friemd hir am Stëlle gesot hutt, wann ech un déi vill Tréinen denken, déi Är Elteren, a ganz besonnesch sécher déi vill Mammen, bei hir gekrasch hunn, da ginn déi schrecklech Zuelen elauter Eenzelschicksaler, eent méi dramatesch wéi dat anert. An dann denken ech, datt mer och grad haut vill ze vill séier iwwert den Aspekt vum Schicksal vu jidder Eenzelen, dee gezwonge gëtt an de Krich ze goen, egal wou op der Welt, ewechginn.*

*Wa méi Leit et och haut géife fäerdegbréngen, beim Schicksal vun dem Eenzele stoen ze bleiwen, vläicht géife se de Krich a seng Folgen dann net esou oft banaliséieren a liichtsënneg dermat ëmgoen.*

*Op e puer Schréck vun hei steet d'Bild vun der Grande-Duchesse Charlotte, si, déi an deene schwéiere Joren d'Symbol vun eiser Souveränetéit ginn ass.*

*Och hir Wierder hunn lech ganz sécher Courage ginn, fir déi schwéier an onmënschlech Decisiounen ze huelen, déi een eigentlech net vun engem Jugendleche vu knapps 18 Joer verlaange kann.*

*Den 13. September 1942 huet d'Grande-Duchesse iwwer d'BBC folgend Wierder gesot: „Lëtzebuerger Jongen! Wa si lech ewechschleefen, fir géint Är Frënn ze kämpfen, da vergiesst ni, datt Dir Lëtzebuerger sidd a wat Är Heemecht vun lech erwaart. Däitschland huet kee Recht, den Treieed vun lech ze verlaangen. Wa se lech zwéngen, en Eed ze schwieren, dat ass keen Eed. Äert Häerz muss sech fräi hale vun dem, wat se Äer Lëpse schwieren dunn."*

*An, an deem Moment, wéi Dir d'Decisioun geholl hutt, d'Wuel vun Äerer Famill an d'Souveränetéit vun eisem Land virun Äert eegent Wuel ze stellen, an duerfir mat schwéierem Häerz mat der preisescher Uniform an de Krich ze goen, dunn hutt Dir ganz sécher genau duerno gehandelt.*

*An e puer Minutte gi mir op de Kanounenhiwwel, wou d'Éiweg Flam am Monument vun der Nationaler Solidaritéit äis bestänneg un déi Dausenden erënnert, déi an deene schreckleche Joren ëmkomm sinn, Jongen a Meedercher, mat deenen Dir d'Recht gehat hätt, lech ze ameséieren, lech eng Zukunft opzebauen; an déi mat hirem Liewen de Präis vun eiser Onofhängegkeet bezuelt hunn; déi zesumme mat lech derfir gekämpft hunn, datt mir haut als fräi Bierger an engem onofhängegen a Souveräne Staat kënne liewen, an engem fräien Europa, an datt mir houfreg kënne sinn op eis national Identitéit.*

*Eng Chance, déi déi kommend Generatioune vläicht net ëmmer méi richteg ze schätze wëssen, well wann alles gutt geet, vergësst ee séier, datt esou wuel d'Fräiheet wéi d'Solidaritéit ee kostbart, awer och een zerbriechlecht Gutt ass. Wa mir d'Noriichte kucken, gesi mir, wéi op ëmmer méi Plaze rechtsextrem Parteien erëm salonfäheg ginn, wéi nach ëmmer op ville Plazen d'Vëlkerrechter mat Féiss getréppelt ginn an datt praktesch iwwer Nuecht en neie Krich kann entstoen.*

*Duerfir ass et haut, méi wéi jee, wichteg, datt mir hellhöreg bleiwen an all Gedanken a Gesten, déi hir Wuerzel am Rassismus, am Haass an an der Friemefeindlechkeet hunn, op dat schäerfst verdamen a bekämpfen, an och aneren – a besonnesch eise Jugendlechen – dobäi hëllefen.*

*Duerfir däerfe mir ni ophalen, eiser Jugend ze erklären, wat deemools geschitt ass. Mir mussen lech, als Zäitzeien, weiderhin zu Wuert komme loossen. A vill vun lech maachen dat ëmmer erëm an de Primärschoulen an an de Lycéeën a fanne bei hire jonken Nolauschterer ganz vill Intressi.*

*Och zesumme mat deem nei genannten Direkter vum „Centre de recherche et de documentation sur l'enrôlement forcé", dem Steve Kayser, wäerte mir Projeten entwéckele mat a fir Jugendlecher. Et ass immens wichteg, datt si mat deem konfrontéiert ginn, wat Dir erlieft hutt. Nëmmen esou versti si, datt e Krich net einfach e puer Zuele sinn – a siewen se och nach esou schrecklech –, déi si an hire Bicher musse léieren, mä onendlech vill Leed, Zerstéierung vu jonkem Liewen, vun Hoffnungen a vun Talenter.*

*E Krich däerf et ni méi ginn. Duerfir musse mir äis asetzen. Dat si mir all deene schëlleg, un déi mer haut denken.*

No der Mass war um 18 Auer um Kanounenhiwwel beim Monument vun der Nationaler Solidaritéit déi offiziell weltlech Gedenkfeier. Hei huet de Generalsekretär vun den „Enrôlés de force", Jim Bolmer, d'Invitéen, ënner hinnen de Chamberpresident Lucien Weiler, de Minister Claude Wiseler an de Stater Schäffe Xavier Bettel, begréisst.

Hien huet och un dat barbarescht Verbriechen, dat e Krichsverbriechen un der Lëtzebuerger Jugend vun de Joergäng 1920 bis 1927 war an nach haut ass, erënnert. Méi ewéi hirer 12.000, dovunner 3.500 Refractairen an Deserteuren, 2.750 Verstuerwen a Vermësster, 3.600 Meedercher, dovun der ronn 60 vermësst sinn, dat sinn nëmmen e puer Zuelen, déi fir sech schwätzen ...

De Jim Bolmer huet awer och vun de Mamme geschwat, déi an de Krichsjore bei der Muttergottes an der Kathedral gebiet, gehofft, gebaangt a gekrasch hunn. Och si sollten op dësem Commemoratiounsdag net vergiess sinn.

Nom Jim Bolmer senger Usprooch si Blumme bei der éiweger Flam duerch eng Rei Offizieller, mat un der Spëtzt dem Chamberpresident Lucien Weiler, deponéiert ginn. Duerno huet d'Garnisounsmusek de Choral „Les Sacrifiés" ugestëmmt. Mat ökumenesche Gebieder vum Abbé André Heiderscheid an dem Pasteur Michel Faullimmel ass dës offiziell Feier op en Enn gaangen. Nom Sange vun der Heemecht haten d'Leit dann nach d'Gelegenheet, sech an d'Gëlle Buch vun den „Enrôlés de force" anzedroen.

# Tambower-Dag den 11. November an der Stad

61 Jahre nach der Rückkehr aus dem Krieg fand am Samstag, dem 11. November 2006 die „Journée Commémorative" sowie die 55. Generalversammlung der „Amicale des Anciens de Tambow" in Luxemburg statt.

Die Feier begann um 10 Uhr mit einer Blumenniederlegung am „Monument de la Solidarité Nationale" durch Gaston Junck, Jules Steffen und Raymond Thommes als Vertreter der „Amicale des Anciens de Tambow" sowie durch Herrn Viaceslav Stefankin, Erster Sekretär und Geschäftsträger der Russischen Botschaft in Luxemburg.

Folgende Persönlichkeiten des öffentlichen Lebens hatten sich auf dem Kanonenhügel eingefunden: Henri Grethen, in Vertretung von Kammerpräsident Lucien Weiler; Paul Helminger, Bürgermeister der Stadt Luxemburg; Guy de Muyser, Ehrenhofmarschall und Präsident des „Mémorial National de la Déportation"; Jos Weirich, Präsident der „Fédération des Enrôlés de Force" sowie Marie-Anne Thommes, Präsidentin des „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement de force".

Bei der „Ewigen Flamme" standen die Fahnenträger und zwei Musiker der Militärmusik spielten die „Sonnerie aux Morts".

Nach der Kranzniederlegung fand in der Herz-Jesu-Kirche ein Gottesdienst statt in der Aumônier der Tambower, Chanoine André Heiderscheid, in einer ergreifenden Predigt den Leidensweg der "Tambower" beschrieb. Der musikalische Teil wurde vom Organisten und dem Chor der Herz-Jesu-Kirche sowie den obengenannten Musikern der Militärmusik übernommen.

Nach einem gemeinsamen Mittagessen der Mitglieder der Amicale und deren Familienangehörigen im Novotel in Luxemburg-Kirchberg fand anschließend die 55. Generalversammlung der „Amicale des Anciens de Tambow" statt.

Einleitend bedankte Präsident Gaston Junck sich bei den anwesenden Mitgliedern für ihr Kommen sowie bei den verschiedenen Personen, die sich in der einen oder anderen Weise am Gelingen dieses Tages beteiligt hatten. Er erwähnte ebenfalls namentlich alle Kameraden, die uns im vergangenen Jahr für immer verlassen haben. Danach erläuterte er verschiedene Punkte, die ihm besonders am Herzen liegen, zum Beispiel wie es um die Zukunft der „Amicale", die Zukunft der Museen, des Kreuzweges in Diekirch, sowie der verschiedenen Monumente der „Enrôlés de force" bestellt ist, das leidige Problem mit der Aufnahme von „Enrôlés de force" in den Alters- und Pflegeheimen, die Zusammenarbeit mit dem neugeschaffenen „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé", die Reise nach Tambow im Juni dieses Jahres sowie den im November anstehenden Besuch des Gouverneurs der Region Tambow in Luxemburg.

Anschließend legte der Sekretär Jules Steffen den Tätigkeitsbericht vor, der im Detail die verschiedenen Aktivitäten der Amicale im Laufe des



„Tambower“ aus Luxemburg und aus Elsass-Lothringen bei der Kranzniederlegung am „Kanounenhiwwel“.

vergangenen Jahres beschrieb wie zum Beispiel die Anzahl der Sitzungen des Vorstandes sowie die Teilnahme an den veschiedenen Gedenkfeiern der „Enrôlés de force“ und an anderen öffentlichen Zeremonien.

Präsident Gaston Junck bedankte sich anschließend mit einem kleinen Präsent für die langjährige gute Arbeit des Kassierers Jos Schiltz, welcher aus gesundheitlichen Gründen die Arbeit an seinen Nachfolger Paul Scholer, Sohn des ersten Präsidenten der Amicale Metti Scholer, übergeben hat. Dieser ergriff anschließend das Wort und legte den genauen Kassenbericht vor. Kassenrevisor Marcel Nilles bestätigte, dass alle Konten rechtmäßig geführt wurden und forderte die Mitglieder auf, die Konten gutzuheißen. Dieser Aufforderung kamen die Mitglieder einstimmig nach.

Daraufhin ergriff Marie-Anne Thommes, Präsidentin des „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé“ das Wort und beschrieb die verschiedenen in Angriff genommenen Arbeiten des neugeschaffenen Komitees, insbesondere die Zusammenarbeit mit den Schulen, um den heutigen Schülern das schreckliche Geschehen von damals besser zu verdeutlichen und es nicht in Vergessenheit geraten zu lassen.

Jos Weirich, Präsident der „Fédération des Enrôlés de force“ beglückwünschte die Tambower zu ihrer Kameradschaft und ihrem Zusammenhalt und gab einige Denkanstöße für die Zukunft.

Unter dem Punkt „Verschiedenes“ bedankte sich Jos Schiltz für das ihm überreichte Präsent und erinnerte kurz an die zusammen verbrachte Zeit im Lager Tambow.

Des Weiteren meldete sich Vic. Steichen zu Wort und bot sich als Fahnenträger der „Tambower“ an, dies, um seinen Vater Jos. Steichen als bisherigen Fahnenträger zu entlasten. Dieses Angebot wurde freudig angenommen.

Gegen 16.30 Uhr schloss Präsident Gaston Junck die Generalversammlung mit dem Wunsch, alle Mitglieder im nächsten Jahr wieder gesund und munter begrüßen zu dürfen und lud alle Anwesenden zum Gruppenfoto ins Foyer des Novotel ein.

Chantal GANSEN



Erinnerungsfoto an den „Tambower Dag 2006“ und die 55. Generalversammlung im Novotel in Luxemburg-Kirchberg.





# Zwangsrekrutéiert

## Exposé vum André Heiderscheid zu Gréiwemaacher an der Festsëtzung vum 9. Juli 2006

E bedäitende Miseler aus Ärer Noperschaft, de Pierre Frieden vu Mäertert, Professer, Resistenzler an nom Krich Minister, huet dee Saz hei geschriwwen, deen eise Generatioune gewëss nach ënner d'Haut geet:

„Um Ufank vum Liewe steet d'Heemecht!“

O wéi richteg, wéi wouer!

An esou ass et jo och haut: Wat „Maacher“ haut am Sënn huet, a mir mat lech, steet um Buedem vun der Heemecht, fir déi esou vill Lëtzebuerger gestuerwe sinn. Et ass en heroescht Stéck vun eiser Heemecht an hirer Geschicht!

D'Geschicht vu Lëtzebuerg ass d'Geschicht vun Europa.

Eppes vun deem Schrootsten, wann net dat Schrootst, war den II. Weltkrich mat der Nazi-Barbarei.

An eppes vun deem Schrootsten, neen dat Schrootst, dat Allerschrootst deemools, geschouch den 30. August 1942, um Fouersonndeg, wéi de Gauleiter géint all Recht a Moral, géint all international Ofmaachungen a géint all Verspriechen och, fir de Lëtzebuerger Jonktem d'Wehrpflicht dekretéiert huet.

Wéi e grousst Land an e grousst Vollek, déi wëssen, wat se sech schëlleg sinn, huet Lëtzebuerg op dat onerhéiert Verbriechen do reagéiert: mat engem Streik fir seng Jongen a fir seng eegen, fräi a souverän Identitéit! Vu kengem eenzegen anere Land an Europa, ob grouss oder kleng, ass eppes Vergläichbares géint Däitschland bekannt.

Awer de Lëtzebuerger „Neen“ war natierlech vu vireran de Protest vum klengen Zwerg David géint de risege Goliath.

A mir hunn e missen deier bezuele mat 20 Doudeger, déi zu Hinzert erschoss goufen, a mat engem 21., dee se zu Köln-Klingelpütz gekäppt hunn!

Mir hunn et nach bezuelt mat Honnerten, déi an d'Kazetter an an d'Prisonge koumen, a mat Dausenden, déi ëmgesidelt goufen.

An dach, léif Frënn: 't war net ëmsoss; duerch si si wéinstens 3000, wann net esouguer 4000 aner Lëtzebuerger, Lëtzebuerger Jongen, net gestuerwen, well de Gauleiter, wéinst deem Streik do, et net méi gewot huet, och hir Joergäng nach anzezéien, wéi et jo an Elsass-Lothringen ouni Weideres geschitt ass a wéi et grad esou heiheem geplangt war.

Mä d'„Wehrpflicht“ vum 30. August 1942 war schro genuch.

Si war opgebaut op Luch a Bedruch, an Nazi-Däitschland huet se gestäipt viru sech selwer a virun der neutraler Welt dobausse mat engem béisen, eekelegen a freche Gaunertrick, jo mat enger regelrechter, ongeheirer Ligen: Déi nämlech, déi forcéiert goufen, d'preisesch Uniform unzedinn oder stierwen ze missen, géint hir eigentlech Frënn an de Krich ze goen an op si ze schéissen, hunn am selwechte Moment déi vun hinnen ni gefroten däitsch „Staatszugehörigkeit“ och nach wéi e Cadeau opgezwonge kritt.

Domat huet dunn Däitschland net méi de Jonktem vun engem versklavte Land a Vollek an engem frieme Staat agezunn, wat jo evidenterweis e Verbrieche gewiescht wier, mä nëmmen däitsch Bierger. Sou hu se sech selwer gesot an hu se virun der Welt wësse gedoen.

Méi grouss, Dir Dammen an Dir Hären, kann d'Perversitéit vun engem politesche Regime an engem Staat eigentlech net sinn a goen!

Méi kleng kann duerfir iewer och d'Verbriechen um Lëtzebuerger Jonktem vun deemools net bewäert ginn.

Dat huet bis haut, och a grad dobaussen um internationale Plang, keen äis falsch gemaach, an dat kann och keen äis falsch maachen – bis an all Éiwegkeet net!

An duerfir, léif Kamerodinnen a Kameroden, léif Autoritéiten a léif Leit alleguer, däerf et och ni vergiess ginn, sou wéi Lëtzebuerg aus senger Geschicht Crécy oder de Klëppelkrich ni vergiess huet.

A fir datt dat wouer gëtt, musse mir Eist, a muss zënterhir all nei Generatioun Hiert derzou bäidroen an der Erënnerung an u Wuechsamkeet.

50 Joer nom 30. August 1942, den 29. August 1992, huet eisen deemolege Staatsminister Jacques Santer dat hei fir ëmmer festgeschriwwen: „Zwangsrekrutéiert: Fir dat Verbriechen ass kee juristeschen Ausdrock staark a schaarf genuch.“

Fir déi Bewäertung do verdéngt de Regierungschef vun 1992 vun äis och haut nach en déiwe Merci!

Ech selwer, wann et erlaabt ass, mech nieft de Staatsminister ze stellen, hunn 1992 am Réckbléck geschriwwen: „Was damals geschah, ist ein ruchloses, nie verjährendes Verbrechen, ein schnöder, empörender Bruch des Völkerrechts, einfach im Namen des Stärkeren, eine grausige Folge sodann von immer neuen Schikanen und Torturen an unserer Bevölkerung, nicht zuletzt

**1956 - 2006**

**Kräizerberreg a Kräizkapell:**

**50 Joar Monument "Fir ons Jongen"**

**En halleft Joarhonnert méi spéit, den 9. Juli 2006,**
**denke mer mat Respekt**
**un all déi Maacher Jongen a Meedercher,**
**déi tëscht 1940 an 1945**
**hiert Liewe fir d'Heemecht agesat hunn.**

**Eier hirem Asaz !**

*Text vun der Erënnerungsplaquette an der Kräizkapell. Si gouf den 9. Juli 2006 geseent.*

an 14782 Luxemburger Jugendlichen, Jungen (11168) und Mädchen (3614) der Jahrgänge 1920 bis 1927, die in Deutschland zum Arbeits- und Waffendienst gezwungen wurden. – 3208 haben das Inferno nicht überlebt (21,7 Prozent). Allein auf männlicher Seite liegen die Opferzahlen bei 28,2 Prozent."

Opgeschlësselt kritt dat Verbriechen do dëst Gesiicht:

- 11168 Jongen an 3614 Meedercher hunn e preisesche Stellungsbefehl kritt;
- 3150 Jongen haten zu hirem Wëllen och déi néideg Chance, fir Refraktär ze ginn, déi allermeescht vun hinne waren hei am Land selwer verstoppt, an et ass net héich genuch ze luewen an unzeerkennen, wat do aner Lëtzebuerger, meeschtens ënner héchstem Risiko fir Hab a Gutt a Liewen, Dag fir Dag alles fir si geleescht hunn;
- vun deene ronn 8000, déi schliisslech un der Front waren, sinn der ca. 3000 net méi heemkomm;
- och 58 Meedercher hunn hire Stellungsbefehl mam Doud bezuelt;
- eppes méi wéi 1500 vun äis si verwonnt ginn, dovu 500 schwéier;
- am onbeschreifleche Misär vun der russescher Gefaangeschaaft si mer der wuel 2500 bis 3000 gewiescht, dovunner eleng 1000 zu Tambow;
- a vun den Tambower hunn der 217 d'Heemecht an hir Familljen net méi erëmgesinn.

Ech weess vun engem Lëtzebuerger als Gefaangenen am Baltikum, deen d'Russen net mat heemgoe gelooss hunn, well e leider um Enn wor. Wéi dunn d'Kamerode fortgongen, huet e Kreesch gedoen, ee vun hinne mam Numm geruff an esou haart, wéi en nach konnt, gejéimert a gebiedelt: „Benn, Benn, huel mech mat heem!" D'Russen hunn et net gelidden, an e bëssen drop ass en effektiv gestuerwen.

Am Maquis an an den alliéierten Arméie waren aus eise Joergäng am Ganze 584 Jongen. Dovu sinn der 57 net méi heemkomm. Grad si si fir äis all gestuerwen, an dat net an enger verhaasster Uniform, mä am richtege Gezei! Am Kanton Gréiwemaacher goufen nom Krich 591 Jonge gezielt, déi ënner d'Zwangsrekrutéirung gefall waren. Dovu sinn der 180 Refraktäre gewiescht, d.h. 30,4 Prozent, 82 vun de 591 ware gefall, an 48 goufen der vermësst. Dat waren der also 130 Onglécklecher, déi net méi erëmkoumen. Voll Unerkennung ze ernimmen ass dann iewer och, datt aus dem Kanton Gréiwemaacher 32 Jongen de Wee an de Maquis a bei déi Alliéiert fonnt hunn. Ee vun hinnen huet do säin Asaz fir äis mam Liewe bezuelt. Fir d'Stad Gréiwemaacher eleng leien d'Zuelen esou:

– Aus de Joergäng 1920–26 koumen 118 Jongen an 134 Meedercher a Fro. Tatsächlech agezu goufen 93 Jongen an 30 Meedercher.

– Vun de Meedercher ass Gott sei Dank keent ëm d'Liewe komm.

– Vun de Jongen awer sinn der 21 gefall, an 11 goufen der nom Krich vermësst, zesummen also 32.

Dat maache 35 Prozent Affer aus, ee vun den héchsten, wann net den héchste Prozentsaz vum ganze Land. Ech kenne kee méi groussen!

Bei all deenen, déi duerch d'Nazi-Barbarei ëm d'Liewe koumen, sinn och voll Respekt siwe jiddesch Matbierger vu Maacher ze ernimmen, déi net solle vergiess ginn.

Aus der Generatioun vun den zwangsrekrutéierte Lëtzebuerger sinn der och 163 vun de Preisen erschoss ginn!

Ze ernimmen awer bleift och, wat d'Wehrmacht, an natierlech grad esou d'Nazi-Verwaltung, sech 1943 an 1944 mat ronn 300 eiser Stodentercher an der Linn vun enger Hitler-Decisioun vum September 1942 geleescht huet: 't ass ugaang de 14. Oktober 1943, an et gong virun de 14. Januar, duerno nach eng Kéier den 1. Mäerz 1944, wéi Lëtzebuerger Jongen, "Oberschüler und Gymnasiasten", wéi et deemools geheescht huet, géint alles, wat bis dohinner ënner den ziviliséierte Staaten als héich an helleg gegollen huet, bei d'Wehrmachtsflak agezu gi sinn. Um Enn ware mer der do eppes 293!

Mir sollten um Minett op hirer Säit „Hëllefs"-Zaldote spillen an ënner Ëmstänn op eis beschte Frënn schéissen, fir dobäi méiglecherweis selwer ëm d'Liewen ze kommen. An dat mat deemools knapp 17 Joer!

Och dat war e Verbriechen, wéi et am Buch steet, wann och schliisslech, Gott sei Dank, alles gutt ausgong.

Grad esou wëll ech ganz déck a fest d'Verbriechen un de Lëtzebuerger Meedercher ënnersträichen. Och si ware jo keng Preisen, a grad vun hinnen huet jo emol keent, wéi bei äis, déi däitsch Nationalitéit opgezwonge kritt.

Mä vun hinne sinn der iewer 3 376 am RAD, an zesummen esouguer 3614 am "Kriegshilfsdienst" gewiescht, grad esou, wéi wa se einfach zu den „Reichsdeutschen" gezielt oder sech als Ausländer fräiwëlleg géint hiert Land an hir Iwwerzeegunge fir den Déngscht an der däitscher Uniform gemellt gehat hätten. – Vun hinne sinn der dann och 58 net méi heemkomm!

Just ernimmt sief och eng Kéier, wat u Schrecklechem mat eiser Fräiwëllegekompanie geschitt ass.

Dat do alles zesummen, Dir Dammen an Dir Hären, mécht dat Verbriechen aus, „fir dat kee juristeschen Ausdrock schaarf a staark genuch ass".

An dat alles huet Nazi-Däitschland an déi, déi derhannertstongen, bis haut ze veräntweren.

Well, an dat mécht et gewëss net méi evident, mir Lëtzebuerger ware jo och an hieren Ae mol net einfach en Deel vun Däitschland.

Mir ware formell-rechtlech net vun hinnen annektéiert!

An engem extrem wichtege Geheimdokument vum 19. Mee 1943 schreift hire Generalfeldmarschall Keitel héchstperséinlech iwwer „die Wehrpflichtigen aus den deutsch verwalteten Westgebieten", woubäi a Klammere grad och Lëtzebuerg ausdrécklech genannt gëtt.

Mä esouguer wa mer annektéiert gewiescht wieren, da wier dat eng total eesäiteg Decisioun vun Däitschland gewiescht an domat nëmmen e Verbrieche méi un äis Lëtzebuerger.

Alles an allem däerfe mer feststellen: Wat dat Däitschland vun 1933–1945 un äis gestiicht huet, ass net manner wéi e schänterleche Wuertbroch a Verrot, an zwar

- géigeniwwer dem Wiener Kongress a senge Bestëmmunge vum 9. Juni 1815 grad iwwer Lëtzebuerg als engem eegene Staat an Europa;
- 't ass dann e Verrot um Londoner Vertrag vun 1839, wou grad och Berlin äis eis Onofhängegkeet garantéiert huet;
- 't ass zousätzlech e Verrot um Londoner Vertrag vum 11. Mee 1867, wou Berlin äis nach eng Kéier als eegene Staat unerkennt an äis ausdrécklech Neutralitéit zouséchert;
- dann ass d'Zwangsrekrutéierung e Broch vun der IV. Haager Konventioun vun 1899, wou et an Däitschland ënnerschriwwen hat: „Es ist den Kriegführenden untersagt, Staatsangehörige der gegnerischen Partei zu zwingen, an den Kriegsoperationen teilzunehmen, die gegen ihr Land gerichtet sind."
- 't ass dann e Verrot um eegenen däitsche Memorandum vum 9. Mee 1940, wou et un d'Adress vun der Lëtzebuerger Regierung geheescht huet: „Die Reichsregierung gibt ... der Großherzoglich-luxemburgischen Regierung die Versicherung, dass Deutschland nicht die Absicht hat, durch seine Maßnahmen die territoriale Integrität und politische Unabhängigkeit des Großherzogtums jetzt oder in Zukunft anzutasten."
- An et war schliisslech, vum Gauleiter hier gesinn, e regelrechte Wuertbroch un deem, wat en déi eng an déi aner Kéier, fir d'lescht am Abréll 1942, wéi en Dogma verkënnegt huet: "Das Reich braucht die Luxemburger Soldaten nicht!"

Ganz schlëmm ass natierlech och de Gaunertrick mat der opgezwongener däitscher „Staatszugehörigkeit".

Méi déif kann eigentlech d'Nidderträchtegkeet net goen, d'Heuchelei och net! Oder wien a wéi vill vun äis haten dann déi "Staatszugehörigkeit" do gefrot, mat oder ouni „auf Widerruf"? – Am beschte Fall e Grapp voll Fräiwëlleger. Alles an allem gouf et an eise Reie maximal eppes wéi 10 Prozent Fräiwëlleger – also wossten op der anerer Säit 90 Prozent vun äis, wat se wieren a wou se géngen higehéieren!


Gesot muss grad esou ginn: Mir konnten äis net allen 11000 verstoppen oder an de Maquis oder an England goen.

Zu eppes 8000 si mer schliisslech gezwonge gewiescht, an der falscher Uniform op der falscher Säit un d'Front ze marschéieren.

Mä wat mer do mat äis am Häerz gedroen a mat eisem Wëllen all Dag nei ënnermauert hunn, huet sech total gedeckt mat deem, wat d'Grande-Duchesse Charlotte den 13. September 1942 iwwer d'BBC gesot hat: „Lëtzebuerger Jongen! – Wa se lech ewechschleefen, fir géint Är Frënn ze kämpfen, da vergiesst ni, datt Der Lëtzebuerger sidd a wat Är Heemecht vun lech erwaart. Däitschland huet kee Recht, vun lech en Treieed ze verlaangen. Wa se lech zwéngen, en Eed ze schwieren, dat ass keen Eed. Äert Häerz muss sech fräi hale vun deem, wat se Är Lëpse schwiere dunn."

Déi allermannst vun äis haten dat do um Radio héieren. Mä wat mer vun äis aus wéi selbstverständlech am Häerz emfonnt an am Kapp geduecht an iwwerluecht hunn, war exakt dat do! An d'Wehrmacht selwer wousst genee, wou se mat äis dru wier.

Ech hunn éinescht schonn dem Keitel säi Geheimdokument vum 19. Mee 1943 ernimmt. Doranner heescht et, d'Rekruten aus den „deutsch verwalteten Westgebieten", a Lëtzebuerg gëtt ausdrécklech heibäi genannt, sollten „über das ganze Altreichsgebiet" verdeelt ginn. An der "Ersatzwehrmacht" sollte mer net méi ewéi 8 Prozent, an un der Front, an der „Feldwehrmacht", net iwwer 5 Prozent ënner deenen aneren ausmaachen. Weider huet de Keitel, den direkte Chef vun der Wehrmacht ënner dem Hitler, deemools ordonnéiert, mir sollten „grundsätzlich nicht im besetzten Frankreich, Belgien und den Niederlanden eingesetzt werden". Méi däitlech geet et wierklech net.



*Conferencier war den Abbé André Heiderscheid*

Wéi mer et dann tatsächlech dobausse gehalen hunn, dat beleet z.B. den 19. Oktober 1944 zu Schulzenheim a Polen, mat sengem, am Resumé, dräifache Bekenntnes:

- Nee, mir mellen äis net fräiwëlleg an d'SS, well mir si jo och net fräiwëlleg hei am RAD.
- Mir si Lëtzebuerger aus engem elo nees fräie Land a Staat, mat un der Spëtzt eiser Groussherzogin Charlotte.
- Jo, wa mer an de Weste kéimen an do d'Geleeënheet derzou hätten, da génge mer bei d'Amerikaner iwwerlafen.

Deen, dee vun der SS opgefuerdert gi war, an eisem Numm ze schwätzen, war den Nicky Grashoff vu Manternach, een also aus Ärer Noperschaaft!

ler en du mat zwee anere vun eise Kameroden op Posen verschleeft gouf, huet e mir aus dem Schwäistall hanner der Schoul, wou se agespaart waren, nach en hallwe Meter rout-wäiss-blot Band duerch eng Liicht erausgereecht, fir datt d'Faarwe vun der Heemecht net sollten de Preisen an d'Hänn falen.

A wéi den Nicky zu Posen vun engem Kläpper holl a blo geschlo gi war, huet en deem an d'Verbriechergesiicht gesot: "Wir leben und sterben für Luxemburg!" Jo, dat waren eis Gesënnungen dohannen an der Friemd: am RAD, an de Kasären an un der Front!

Däerf ech och nach eng Kéier drun erënneren, datt deen 1. aus eiser Grupp, deen mer hu missen un der Front begruewen, den Olingesch Jules vun Uewerkäerjeng, ëm den Hals eng Kette gedroen huet mat dem Gielchen dem Lëtzebuerger Roude Léiw!? Mir hunn ëm de Lëtzebuerger Wope mat a säi Graf ginn.

Et soll och nach eng Kéier gesot sinn, datt et iwwer der Ostfront méi wéi emol vun de Russen eriwwer duerch Haut-parleure geheescht huet: „Roude Léif, huel se!" Esou geruff hu Lëtzebuerger Jongen, déi iwwergelaf an do gutt ukomm an opgeholl gi waren, wat nach laang net ëmmer evident war. Wéinestens zwee vun hinne kënnt ech lech mam Numm nennen.

Un der Atert lieft nach ee vun äis, deen enges Daags bei Kopenhagen op der Appellplaz vun der Kasären huet missen astiechen, wéi Frechheeten un d'Adress vun eiser Heemecht an eiser Dynastie vun uewen erof gesot si ginn. Pure Streechs ass hien dunn aus dem Glidd getrueden, einfach esou, an huet, sou haart wéi et an der Opreegung gong, proklaméiert, elo hätt hien es genuch, hie géng vun elo un net méi matmaachen!

E gouf op der Dot verhaft an agespaart. Mä et sinn du Saache geschitt, déi eppes wéi ëmmer net Wonner waren. Eisen Zwangsrekrutéierten, deen zum Doud veruerteelt gouf, koum un, ass ouni Schued nuets mat engem geklaute Vëlo duerch hallef Dänemark gefuer, huet an deem Land, wou et jo bal keng Katholike gëtt, e katoulesche Paschtouer begéint an ass mat deem senger Hëllef per Fëscherboot am neutrale Schweden gelant, wou e bis nom Krich a Sécherheet war. E lieft, wéi gesot, nach haut dohannen un der Atert.

Ech mengen domat soen ze kënnen:

D'Zwangsrekrutéierung war fir äis eppes wéi déi grouss Feierprouf vun eiser Identitéit: als Lëtzebuerger, als fräi an trei Bierger vun enger eegener Natioun an engem eegenen, onofhängegen, souveräne Staat. Et war eng Prouf, déi 90 Prozent vun äis „haut la main" bestanen hunn.

Mä iwwer 3000 vun äis sinn net méi aus dem Inferno heemkomm. An Honnerten an Honnerte sinn duerno vill ze fréi gestuerwen.

Mir selwer, wéi mer hei sinn, haten eng Chance, déi mat kengem Geld a kengem Gold ze bezuelen ass.

Äis gouf d'Liewe wéi fir d'zweet geschenkt, a mir sinn haut nach do!

Op äis läit domat iewer och bis un d'Enn vun eisem Liewen déi helleg Flicht, ëmmer nees un äis Doudeg z'erënneren, si ze éieren, wuechsam ze bleiwen a mat alle Mëttelen ze verhënneren, datt esou Verbriechen, wéi se an de 40er-Joren um Lëtzebuerger Jonktem vun deemools geschitt sinn, nach eng Kéier méiglech ginn.

Direkt nom Krich gouf zu Besançon donidden a Frankräich un enger Bunkermauer eng Schrëft entdeckt, déi seet: „Vergiesst äis net!"

't ass dat doudsécher de leschte Message, eppes wéi d'Testament, vun engem Lëtzebuerger Patriot, dee fir d'Heemecht alles gemaach an alles hierginn huet.

„Vergiesst äis net!"

't ass dat gewëss eis éischten, gréissten an hellegst Flicht!

An 't ass dat, léif Maacher Kamerodinnen a Kameroden, wat Dir vun Ufank u groussgeschriwwen hutt, wat Der ni ënnerlooss, mä elo gewëss schonn 61 Joer laang op eng exemplaresch Manéier gemaach hutt. An 't ass jo och dat, woufir mir haut nees beienee sinn.

Dir feiert, a mir feiere mat lech, näischt manner wéi e Cinquantenaire vun Ärer ganz besonnescher Trei zu all deenen, déi fir d'Heemecht, an domat och fir Maacher, gestuerwe sinn.

Jo, d'ganzt Land soll wëssen a behäerzegen, wéi Dir et heinidden un der Musel mam Net-Vergiesse gehalen hutt an haalt!

Sot ëm, dem Land, duerfir nach an nach: Zënter elo 50 Joer schonn ass de Kräizerbierg mat senger Kapell Äeren „monument aux morts". – Dat heescht:

Äert uraalt beschte Stéck, Ären eenzegaartegen Auswäis, Äert Patent, wat Maacher zu Maacher mécht, soudatt et net an ni verwiesselt ka ginn, wat Der vun e sëlleche Generatioune virun lech duerch vill Joerhonnerten erduerch geierft hutt – sécher d'Häerzstéck vun Ärer Stad –, dat erënnert elo scho 50 Joer laang un all déi, an et éiert si, déi am leschte Krich aus Ärer Mëtt fir d'Heemecht gestuerwe sinn.

De 15. Juli 1956 gouf Äert esou nobelt Erkennungszeechen als „monument aux morts" inauguréiert, nodeems Äre Schäffen- a Gemengerot sech am Dezember 1955 duerzou bekannt hat. Bei der Inauguratioun waren deemools derbäi: de Prënz Felix, de Bëschof-Koadjutor Léon Lommel, de Minister Pierre Frieden, dee bei där Geleeënheet geschriwwen huet, Gréiwemaacher géng dem Land e Beispill ginn, wat sécher wouer war.

Äre Buergermeeschter, de Victor Prost, huet de 15. Juli 1956 a senger Ried gesot:

„Mir leeën de Mëtteg de Grondsteen zu eener Zeremonie, déi een Traditioun muss ginn. Ech hunn d'Éier, als Borgermeester vun der Stad Gréiwemaacher fir all Zäiten de letzte Sonndeg am Schouljoar als den Dag vun éise Jongen ze proklaméieren. All Joar soll dann an der Kräizkapell een Erënnerungsfeier ofgehale ginn." De Maacher Vertrieder vun „Ons Jongen", de Jules Sertznig, huet sengersäits de 15. Juli 1956 deklaréiert:

„Mir hunn een Stëftung gemaach, fir datt op éiweg Zäiten all Joar de letzte Sonndeg vum Schouljoar een Mass fir d'Maacher Jongen, déi net erëmkomm sinn, an der Kräizkapell gelies gëtt. Esou laang wéi d'Maacher Mauere stinn, esou laang wéi ëm de Kräizerberreg d'Riewe bléien, wäerte mer éis Komeroden net vergiessen an trei zum Land an trei zu éiser Heemechtsstad Maacher ston."

De Buergermeeschter Vic. Prost huet och nach dëse bedäitungsvolle Saz gesot: „Am Numm vum Comité iwwerginn ech dëse Calvaire der Gréiwemaacher Jugend, si soll dat Monument als en Hellegtom an Éieren halen a betreien. All déi, déi am Laf vum Joar dëse Berreg eroppilgeren, sollen de Gedenksteen als een letzt Statioun vum „Chemin de la croix" ugesinn, an dann an hirem Gebiet un eis brav Jongen denken. Eis Jongen, déi gestorwe së fir d'Heemecht."

Méi trei wéi Dir dat duerch elo 50 Joer gehalen hutt, léif Maacher, hätt keen aneren et kënne maachen.

Viru ronn 25 Joer ass d'Kräizkapell renovéiert ginn.

Den 12. Juli 1998 hutt Der um Fouss vum Kräizerbierg eppes wéi eng modern grouss Maark opgeriicht, déi jiddwerengem seet, wat et elo mat deem Bierg a senger Kapell op sech huet. Zënter dem 15. Juli 1956 bis haut hutt Der all Joer den 2. Sonndeg am Juli als Erënnerungs- a Gedenkdag gehale fir déi, déi mir selwer, awer och d'Land a seng Leit, ni méi vergiessen däerfen – elo scho 50 Joer laang!

Wien nach huet esou eppes opweises?

An haut, den 9. Juli 2006, hu mer elo éinescht hannen an der Kräizkapell eng eege Gedenkplaque geseent, déi nach eemol un all déi aus dem Krich erënnert, deene mer Éier, Unerkennung an Dankbarkeet schëlleg sinn a bleiwen.

„Vergiesst äis net!", hat den onbekannte Lëtzebuerger zu Besançon un d'Mauer vu sengem Bunker gekrozelt, vläicht mat den Neel vun de Fanger, well e soss näischt hat. 't ass eppes gewiescht wéi säin Testament, säi leschten Déngscht un der Heemecht, fir déi e gestuerwen ass, säi lescht Gebiet, wat e mat an der Doud geholl huet.

A grad dat Uleies do, gewëssermoosse geschriwwe mat der leschter Dréps Blutt vun engem dapere Lëtzebuerger, dat Uleies do hutt Dir, léif Maacher, souzesoe wéi instinktiv begraff, wouer gemaach a gehale wéi keng aner Uertschaft am Land.

A wann do vun anerer Säit eppes wéi Näid sollt opkommen: den Näid muss lech et loossen: Dir hutt dem ganze Land e Beispill ginn, wat grouss an eenzegaarteg do steet. An duerfir sidd Der héich ze felicitéieren an ass lech häerzlechst Merci ze soen!

Léif weltlech a kierchlech Autoritéite vu Maacher,

Léif Vertrieder vun Äre Veräiner,

Léif Enrôlés de force vun deemools,

Léif Maacher Leit alleguer,

Léif Vertrieder och vu Meechtem, Uewer- an Nidderdonwen,

dat Beispill do, wat Der lech an dem ganze Land all Joer ginn hutt a gitt, dat, wat Der duerch elo 50 Joer gemaach a färdegbruecht hutt, ass eppes wéi e Fanal fir äis alleguer.

An duerfir:

– am Numm vun alle fréieren Enrôlés de force,
– am Numm ganz besonnesch vun eisen ongléckleche Kameroden, déi net méi heemkoumen,
– am Numm vun all eisen Doudegen,
– an am Numm vun der Heemecht einfachhin, wann ech dat däerf: Felicitatiounen nach an nach.

Bravo, an en déiwen, déiwe Merci!

André HEIDERSCHEID



# D'Amicale „d'Jonge vu Peenemünde"




Si waren nëmme méi zu zwielef Männer an zwielef Dammen, Fraen, Witfrae vun de Peenemünder, déi zu 236 de 7. Oktober 1942 an den Zuch verfracht goufen, Richtung: Insel Usedom. Den traditionellen Dag huet ugefaange mat enger Mass zu Stolzebuerg, zelebréiert vum Här Deche vu Veinen. Den Här Dechen huet un déi schlëmm Zäit vum Krich erënnert, an um Duxsall gouf mat Uergel a Gesank den Office verschéinert.

No der Foto op der Kierchentrap, huet den Här Buergermeeschter Jean Kinn zesumme mat de Schäffen, der Madame Louise Urhausen an dem Här Aloyse Lieners, d'Peenemünder an den Ëmfankssall niewent der Kierch op den Éierewäin invitéiert. De Buergermeeschter huet seng Gemeng skizzéiert, déi siwe schéin a propper Uertschaften zielt, a wou an deene leschte Jore villes realiséiert gouf, wéi Schoulen, een neie Schouldéngst, villes fir de Sport, ökologescht Wunnen an nach vill méi.

De President huet der Gemeng merci gesot an de Fanger erhuewe géint déi räich Länner, déi nit genuch fir d'Bildung a géint den Honger an der drëtter Welt ënnerhuelen. Och huet hien dorun erënnert, wéi ee joerhonnertaalt Zitat Terrorismus kann ausléisen. Et misst een och hei an Europa oppasse wien hannert dem Terror steet.

Beim „Monument aux Morts" zu Mierschent si Blummen deponéiert ginn, an et gouf un déi Komerode geduecht, déi gefall, vermësst a lues a lues hir Reie verlooss hunn. Am lafende Joer waren et der dräi.

Am Restaurant Oranienburg zu Veinen war de Mëttesdësch gedeckt, an dono huet sech d'Fro gestallt, wou dat nächst Joer d'Feier vun de Peenemünder sollt sinn. Dëst Joer war se organiséiert vum Komerod Jean Nosbusch vu Stolzebuerg. Et ass festgehale ginn, well d'Peenemünder jo nit méi zu de Jéngsten zielen, géife si do zesummekommen, wou een einfach och mam Zuch hikënnt a wou et nit wäit ze lafen ass. De Komerod Pol Nicolay huet Ettelbréck virgeschloen, wat direkt akzeptéiert gouf.

V. FISCHBACH

**Opruff un eis Sektiounen betreffend d'Neijooschgratulatiounen an d'Memberbeiträg**

D'Sektioune siewen drun erënnert, dass d'Neijooschwënsch nach bis den 20. Dezember 2006 matgedeelt kënne ginn (3 Euro).

D'Memberbeiträg fir d'Joer 2007 bleiwe mat „Les Sacrifiés" 6 Euro an ouni Bulletin 1 Euro.

All Beiträg sinn z'iwwerweisen op de Postscheckkont CCPL – IBAN LU78 1111 0313 2995 0000 vun der Féderatioun des Enrôlés de Force.

# Journée commémorative und Jahrestreffen in Heinerscheid

Die Gedenkfeier begann am 8. Oktober um 10 Uhr mit einer Gedenkmesse in der Pfarrkirche in Heinerscheid, zelebriert von Pfarrer Post aus Marnach und festlich gestaltet von der Chorale Ste-Cécile Heinerscheid-Kalborn unter der Direktion von Edmond Kremer, begleitet an der neuen Orgel von Nathalie Brachtenbach.

Den Zwangsrekrutierten, die zahlreich zugegen waren schlossen sich die Gemeinderäte mit Bürgermeister Raymond Thielen zum Gottesdienst an. Pfarrer Post erinnerte an die zahlreichen Kameraden, denen es nicht gegönnt war, die Heimat wiederzusehen. Er gedachte ebenfalls den vielen Opfern, die bei der Rundstedtoffensive ums Leben kamen sowie denjenigen, die spurlos verschwunden sind. Er wies auf das Tal der Clerf hin, wo bei Maulusmühle ein Gedenkstein an das Massaker erinnert, wo SS auf Weihnachten 1944 drei Mitglieder der Familie Lamborelle aus Crendal und Jean Heck aus Weiswampach meuchlings ermordeten. Er erbat Gottes Segen, dass solches sich niemals wiederhole.



Nach dem Hochamt wurden Blumen beim Monument aux Morts niedergelegt vom Gemeinderat und der Section du Nord. Die Sonnerie aux Morts wurde vorgetragen von der „Héinescher Harmonie“. Beim Empfang im Gemeindehaus richtete Bürgermeister Thielen Worte an die Anwesenden, die insbesondere den Jüngeren zugedacht waren, auf der Hut zu bleiben, damit solche Schreckensjahre sich niemals wiederholen können.

Nach dem Empfang trafen sich die Kameraden mit ihren Familienangehörigen im Hotel Reiff in Fischbach zum gemeinsamen Mittagessen. Anschließend wurde die alljährliche Generalversammlung abgehalten. Hierzu bleibt festzuhalten, dass sich die Reihen lichten, genau wie bei den anderen Sektionen auch. Es ist beruhigend zu wissen, dass nicht alles in Vergessenheit gerät, dank der Einsetzung des Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé.

MEL





# Journée commémorative vun den Enrôlés de force

Den 1. Oktober huet d'Sektioun Rammerich hir alljährlech Journée commémoratie zu Rammerich gefeiert. Bei där Geleeënheet huet de Paul Hermes, e Jugendlechen aus der Gemeng, dës gutt dokumentéiert an engagéiert Ried gehalen, an där hie besonnesch op d'Situatioun vun den Zwangsrekrutéierten an der Gemeng Rammerich agaangen ass:

*Här Buergermeeschter,*
*Dir Dammen an dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot,*
*Här Paschtouer,*
*léif Membere vun den Enrôlés de force,*
*léif Matbierger,*

*Mer sinn haut zesummekomm fir de Commemoratiounsdag vun den Enrôlés de force vun der Sektioun Rammerich ze begoen. Erlaabt mer, gläich am Ufank e klenge Réckbléck op d'Geschicht vun eisem Land ze werfen.*

*1939 hunn d'Lëtzebuerger mat grousser Begeeschterung 100 Joer Onofhängegkeet gefeiert. Zu deem Zäitpunkt wousste si awer schonn, datt hiert Land a grousser Gefor wir, well den däitschen Noper ass ëmmer méi geféierlech ginn. Mee, Lëtzebuerg wollt mat deene Feierlechkeeten no baussen op sich opmierksam maachen, virun allem bei de Fransousen. Si sollten eis am Noutfall ënnerstëtzen. Wéi mer all wëssen, ass et anischt komm. Den 10. Mee 1940 gouf eist Land vun de Preisen iwwerfall. An de fréie Moeresstonnen sinn se iwwert d'Grenz marschéiert a kuerz drop sinn se och hei iwwer duerch Keetscht Richtung Maartel weidergezunn. Lëtzebuerg war elo besat, an heimat fänkt eng schwaarz, vläicht sougoer déi schwäerzten Zäit fir eist Vollek un. Et war dëst eng Zäit, wou eis Natioun ëmmer erëm op d'Prouf gestallt gouf.*

*Eng éischt Prouf hott sich baséiert op eiser Identitéit, un där de Gauleiter Gustav Simon beständig fréckele wollt. Zu eiser Identitéit hott deemools, grad wéi haut, eis Dräisproochegkeet gehéiert. Mee gläich nom Amarsch vun de Preise gouf de Gebrauch vum Franséische streng verboeden. D'Lëtzebuerger sollte keng eegen Nationalitéit méi hunn, mee „Urdäitsch Muselfranke“ sinn, a soumat e Stéck vum Däitsche Räich. Du koum d'Volkszählung vum 10. Oktober 1941. Heimat wollt de Gauleiter de Lëtzebuerger eng Fal stellen. Dräi verfänglech Froe goufe gestallt: Staats- a Vollekszugehöregkeet an d'Mammesprooch. Et hätt ee misse mat „deutsch“ äntweren. Mee d'Lëtzebuerger hu sich op hir Identitéit behaapt, si hunn zesumme gehalen an dräimol Lëtzebuergesch uginn. De Gauleiter war rosen an hat sich bis op d'Schanke blaméiert.*

*Eng zweet Prouf hott virun allem eis Jugend betraff. Léif Enrôléen, der wësst am Beschten, wouvun ech schwätzen. Engt schwéiert Schicksal ass iwwer vill Lëtzebuerger Familljen eragebrach. A wann ech haut hei stinn, sou ass dat, well och a menger Famill fënnef Membere betraff waren. Well den 30. August gouf nämlich d'Aféierung vum Militär- an Arbichtsdingscht proklaméiert.*

*An eiser haitiger Gemeng waren 207 Jongen an 218 Meedercher betraff. Allerdings hunn d'Lëtzebuerger sich dat nit sou séier gefale geloss an den Dag drop mat engem kollektive Streik geäntwert. Si hu sich mat Iwwerzeegung an Dignitéit virun hir Jugend gestallt. De Streik awer gouf bluddig néiergeschloen. Engt Standgeriicht hott 21 Lëtzebuerger zum Doud veruerteelt an erschoss. Nach Honnerte koumen der an d'KZ, an d'Ëmsidlung ass weidergaangen.*

*An deene Joeren doerno gouf de Widderstand gedroe vun der gesamter Lëtzebuerger Populatioun. Dausende vu Familljen hu ronn 3500 vun den am Ganzen 10200 agezunne Jonge verstoppt. An eiser Gemeng waren et der 74. Fir sou engt klengt Land keng einfach Aufgab. Dëst war nëmme méiglech duerch d'Solidaritéit vun de Leit an déi heldenhaft Aarbicht, déi déi Responsabel vun der organiséierter Resistenz geleescht hunn.*

*Den 10. September 1944 dunn, koum d'Liberatioun vun eisem Land duerch déi Alliéiert. Mee e poer Méint drop sollt eis Populatioun, virun allem hei oewen am Éislek, nach eng leschte Kéier brutal bludden,*

wéi d'Rundstedt-Offensiv vum 16. Dezember un en héigen Tribut gefrot hott. Schliesslich gouf den 8. Mee 1945 déi definitiv Kapitulatioun ënnerschriwwen. Dee brutale Krich, dee während gutt fënnef Joer weltwäit iwwer 60 Milliounen Affer gefoerdert hott, war eriwwer.

Zum Schluss vu mengem Iwwerbléck nach e poer Zoelen, déi fir sech schwätzen. Heibäi beruffen ech mich op dem Professer an Historiker Gilbert Trausch seng Recherchen:

791 Lëtzbebuerger goufen higeriicht; 4 000 souzen der an de Kazetter an an de Prisongen; 4 500 waren ëmgesiedelt a schliesslich 3150 Komerode vun eisen Zwangsrekrutéierte ware gefall oder vermësst. An eiser Gemeng 35, hei zu Rammerich véier.

An nit ze vergeessen, déi daper aktiv Resistenzler, déi ëmkomm sinn an déi onschëllig zivil Affer, där et och hei am Doerf véier ze bekloe gouf.

Léif Matbierger, wéi ee Message solle mer heiraus zéien? Mer Lëtzebuerger vun haut, an och déi vu mar, hun deenen, déi am Krich fir d'Land gelidden hunn a gestoerwe sinn, vill ze verdanken. Mer erënneren äis haut un déi schwéier Zäit a gedenke virun allem de gefalene Komerode vun eiser Sektioun.

Et soll een nit bei der Vergaangenheet stoue bleiwen. Dat behaapten op d'mannst vill Leit, an dat ass och wouer. MEE, sou eng Erënnerung ass enorm wichtig fir engt Vollek. Well d'Zukunft kann nit op d'Vergeesse vun der Vergaangenheet opgebaut ginn. Déi Leit, déi de Krich selwer matgemeet hunn, ginn ëmmer méi rar. Dat wësse mer all. Dëst ass de Laf vum Leewen. An awer däerften d'Affer déi deemools opbroecht gi sinn, nit vergeess ginn, soss waren se ëmsoss. Et ass elo un de Nokrichsgeneratioune fir dës Erënnerung oprecht-zeerhalen. Ech vertrauen do ganz op de „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé", wou d'Madame Marie-Anne Thommes Presidentin ass, datt si gutt Aarbicht wäerte leeschten.

Wichtig ass och, datt eis Jugend sich mat där Zäit auserneesetze muss a soll. Heibäi solle si sich selwer engagéieren oder awer hiert Intresse muss vun den Erwoessenen ugezu ginn. En éischte Schrack, hei an der Gemeng, hott den Här Raymond Thommes gemeet. Heen hott sich engagéiert, fir de Kanner aus dem 6. Schouljoer an enger Geschichtsstonn seng perséinlech Krichserleefnisser ze verzeelen. Dëst si wäertvoll Kontakter tëscht Jonk an Al, déi dobäi kënnen entstoen. A mer sollen an eiser heitiger Zäit nach esou vill wéi méiglech vun esou léierräiche Geleeënheeten profitéieren. Déi Jonk sollen a mussen d'Vergaangenheet vun hirem Land, hirem Vollek, hire Famillјen, a soumat hir perséinlech Geschicht, kennen- a verstoe léieren. Et ass un hinne fir aus der Vergaangenheet ze léiere fir mat Optimismus an d'Zukunft kucken ze kënnen an esou engt friddlicht Zesummeleewen ze garantéieren.

Wéi schreift de Friedrich Hebbel a sengem Requiem:


„Seele vergiss sie nicht. Seele vergiss nicht die Toten!"

Éier hirem Undenken!

PAUL HERMES


# In Pace

D'Sektioun vun den Enrôlés de Force STEESEL trauert ëm zwee gutt an trei Memberen, déi si am Laf vun 2006 fir ëmmer verlooss hunn



**André KOENIG**

* 02.09.1924
† 13.07.2006



**Nic. STEYER**

* 05.01.1920
† 10.09.2006

Hir Kameroden a Frënn wäerten déi zwee nimools vergiessen.



# Pèlerinage à Tambow et Kirsanow

Du 3 au 10 septembre 2006, 46 pèlerins se sont rendus à Tambow et à Kirsanow. Pour la plupart des Alsaciens (membres de l'association «Pèlerinage Tambow»), parmi lesquelles figuraient 4 Mosellans dont 3 membres de l'association *Les Francs-Tireurs Lorrains* de Metz et Monsieur Spagnoli secrétaire adjoint du conseil d'administration du musée d'histoire de Tambow d'Amnéville. L'association des *Francs-Tireurs Lorrains* est formé uniquement de jeunes passionnés d'histoire dont la moyenne d'âge est à peine 30 ans.

Le pèlerinage avait pour but la visite de la ville de Tambow, la visite de l'ancienne gare de Rada et le recueillement dans l'ancien camp n°188 de Tambow. Le jeudi 7 septembre 2006, nous nous sommes rendus dans la ville de Kirsanow (à 90 kilomètres de Tambow) où se situait l'ancien hôpital du camp. Sur place nous nous sommes rendus au cimetière où sont inhumés plusieurs centaines d'Alsaciens, Mosellans et Luxembourgeois. Nous avons été accueillis par des membres de la mairie de Kirsanow. Pour ma part, ce fut un moment très émouvant, j'ai pu me recueillir sur la tombe (n°89) de mon grand-oncle Basile Amberg qui est décédé le 29 août 1945 à l'âge de 23 ans. Ensuite les *Francs-Tireurs Lorrains* ont déposé une gerbe de fleurs en mémoire des enrôlés de force luxembourgeois (offerte par l'amicale des enrôlés de Dudelange), une plaque de marbre en mémoire de tous les incorporés de force et une autre plaque sur la tombe d'Amberg Basile.

Le dernier jour du pèlerinage était réservé à la visite de la ville de Moscou (tombeau de Lénine, etc...) Nous garderons un merveilleux souvenir du pèlerinage de Tambow.

David AMBERG
*président de l'association les Francs-Tireurs Lorrains*




*Plaque à la mémoire des Alsaciens et Lorrains près de la gare de RADA.*

**Zur Neuerscheinung des Buches**

## „Zwangsrekrutiert – mutiliert – diskriminiert"

möchten wir folgende Zuschrift veröffentlichen:

*Här Didier,*

*Ech hu fir Pappendag d'Buch „Zwangsrekrutéiert – mutiléiert – diskriminéiert" geschenkt krut, well meng Kanner mäin Intressi un de Schicksaler vun de Lëtzebuerger an de Joere 40–45 kennen. Sécher wësst Dir och, dass et mëttlerweil vill Bicher gëtt iwwer d'Erliefnesser vun eenzelne Persounen, mä dëst Buch ass dat éischt, wat méi wäit geet an och beschreift, wéi Är Generatioun och nach nom Krich „verearscht" gouf. Dat ass fir mech eppes neies a ganz intressant ze liesen.*

*Elo hätt ech awer ee Wonsch un Iech, Här Didier.*




*Bal all meng Bicher, déi ech mëttlerweil hunn, an ech ka soen et sinn der nit wéineg, si vun den Autore signéiert oder mat enger Widmung versinn, insofern ech déi Leit fonnt hunn. Duerfir wier ech frou, wann Dir esou fréndlech wiert an déi bäigeleuchte Kopie géift signéieren oder eng Widmung géift drop schreiwen, esou, dass ech se kann an Buch kliewen.*

*Ech soen Iech am Viraus villmools Merci.*

Fernand BETTENDORF

Das Buch, das mit einer zum Teil schonungslosen Offenheit darlegt, welchen Misshelligkeiten die Zwangsrekrutierten in der Nachkriegszeit ausgesetzt waren, ist noch erhältlich durch Überweisung von 30 Euro auf das Postscheckkonto: CCPL LU11 1111 0152 1280 0000 – René Didier, 22A, rue du Château, L-6961 Senningen.

Portofreie Lieferung.

# Agenda

**_26. Dezember 2006_** Kommemoratiounsdag mat Blummennidderleeën zu DIDDELENG

**_28. Januar 2007_** Gedenken un de Massaker vu Sonnenburg
14.30 Auer Rendez-vous um Kanounenhiwwel
15.00 Auer Veillée an der Krypta vun der Kathedral

**_24. März 2007_** Journée Commémorative an Assemblée Générale zu Steesel

# Sommaire


Wiltz erinnerte an den Streik vor 64 Jahren 2
Nationale Commemoratiounsdag 2006: „Net vergiessen" 3
Tambower-Dag den 11. November an der Stad 5
Kräizerbierg a Kräizkapell – 50 Joer Monument „Fir Ons Jongen"
Exposé vum André Heiderscheid zu Gréiwemaacher an der Festsëtzung vum 9. Juli 2006 7
D'Amicale „d'Jonge vu Peenemünde" 11
*Aus de Sektiounen:* Journée commémorative und Jahrestreffen de Section du Nord Cliärref in Heinerscheid 12
*Aus de Sektiounen:* Journée commémorative vun den Enrôlés de force – Sektioun Rammerich 13
Pèlerinage à Tambow et Kirsanow 15
Zuschrift zur Neuerscheinung des Buches „Zwangsrekrutiert – mutiliert – diskriminiert" 15


Redaktiounsschluss fir Nr. 1/2007 ass den 20. Dezember 2006


**Fédération des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg,**
**tél. + fax: 48 32 32 – CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

**Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés»,** c/o **Norbert Melcher**
1, Wisegässel, L-7333 Steinsel, tél. 33 60 30

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»:** c/o **HOFFELT C.**
41, rue Camille Polfer, L-2359 Luxembourg tél.: 021 63 21 93

**Service social aux Enrôlés de Force:** c/o **Wenzel Danielle tél.: 47 19 61/handy: 021 18 64 11**
Siège 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg

**Amicale des anciens de Tambow:**
Secrétariat: 14, rue de Kahler, L-8378 Kleinbettingen, tél. 39 60 39
**CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000**

**Association des survivants des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Tél. Flammang M. 48 16 76

**Enrôlés de Force, section Hollerich-Gare,**
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.
**CCPL: IBAN LU07 1111 2035 8882 0000**

**Impression:** saint-paul luxembourg